



12. 7248 - Projet de loi portant modification de la loi du 20 mai 2014 relative au financement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois en vue du financement des travaux d'extension et de perfectionnement du Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois

Mir kommen elo zum Projet de loi 7248 iwwert de Finanzement vum RENITA-Reseau. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Alex Bodry, den Här Henry Kox, den Här Gast Gibéryen, den Här David Wagner an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Joëlle Elvinger. Madamm Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.** - Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kollegen, beim Gesetzestext 7248 geet et ëm eng Ofännerung vum Finanzéierungsgesetz, vum sougenannten „Réseau national intégré de radiocommunication pour les services de sécurité et de secours luxembourgeois“ oder kuerz och nach: vum RENITA.

Ier ech awer elo op déi eigentlech Adaptatioun vum Gesetz aginn, erlaabt mer fir d'Éischt e puer Wuert iwwert den neien an innovative RENITA.

De RENITA ass zënter 2015 operationell an huet deemools de sougenannten „RIFO“ ersat. Dese war net méi zäitgeméiss an huet och den internationale Kommunikatiounsnormen net méi entsprach. Mat der analoger Technologie war och kee séchere Cryptage méi méiglech, wat besonnesch am Virfeld vun eiser EU-Présidence am Joer 2015 relativ heikel war.

Mam RENITA gouf dunn am Laf vum Joer 2015 op e performanten digitale Reseau ëmgestallt, deen net nëmmen de ganzen Territoire vun eisem Land ofdeckt, mä deen och souguer an Autobunns- oder Eisebunnstunnelle funktionéiere kann. Och a Gebaier oder matzen an engem Bësch ass de RENITA operationell. Dat ass natierlech besonnesch fir eis Police a Rettungsdéngschter vun enger absolutter Noutwendegkeet.

Den neie Reseau baséiert och op der TETRA-Technologie. TETRA steet fir „Terrestrial Trunked Radio“ a gëtt och vun eisen däitschen, franséischen a belschen Nopere genotzt. Laut dem Exposé des motifs gräife mëttlerweil méi wéi 9.000 Persounen aus deenen ënnerschiddlechste Servicer vum Stat op de RENITA-Reseau zréck.

Ech zielen d'Servicer kuerz op. Dat sinn natierlech: eis Police- a Rettungsdéngschter, mä och d'Douane, d'Ponts et chaussées, d'Armée, de Service de renseignement, den Haut-Commissariat à la protection nationale, d'Centres de communication vun der Regierung an elo kierzlech och de Centre de rétention.

Här President, esou vill zum Reseau u sech. Ech kommen da kuerz zum eigentlechen Objet vun deemem Projet de loi. Wéi scho gesot, geet et ëm d'Adaptatioun vun dem Finanzéierungsgesetz.

Am Mee 2014 hu mir hei am Haus dat éischt Finanzéierungsgesetz gestëmmt. Deemools war et den Auteurs vum Gesetz allerdéngs nach net méiglech, de genaue finanziellen Impakt vum RENITA-Reseau iwwert déi ganz Liewensdauer ze bestëmmen. Et gëtt jo eng Exploitationsdauer vu ronn 15 Joer ugestriift.

Ee Grupp vun Experten huet du fir d'Éischt emol eng Käschtenestimatioun gemaach, fir den neie Kommunikatiounssystem an enger éischter Phas un d'Rullen ze bréngen an och ze perfektionéieren. D'Montanten, déi deemools agesat goufen, hu sech op d'Period tëschent der Ënnerschrëft vum Kontrakt bis Enn 2018 bezunn. Mëttlerweil si mir bekanntlech ufanks 2019, soudass et elo Zäit gëtt, fir déi virgesinnne Montanten eng Kéier op de Leescht ze huelen.

An enger zweeter Phas soll de Reseau haaptsächlech nach méi zouverlässeg a sécher gemaach ginn. Wann ech lech virdru gesot hunn, wéi eng Servicer an Administratiounen alles de Reseau benotzen, da weess een, dass och emol sensibel Donnéeën an Informatiounen iwwert d'Antenn ginn. Grad am Kontext vun den aktuellen Hacker- a Cyberattacken ass et wichteg, dass eis Servicer op e fiablen a séchere System kënnen zréckgräifen an dass do näischt vun auswärts ka captéiert ginn.

En zweete Volet betrëfft den Ausbau vum Reseau. Et sinn an der Lescht schonn eng Rëtsch

nei Benotzer derbäikomm, notament de Centre de rétention an deelweis och de Centre pénitentiaire. An deemnächst wäert och nach de Service de la navigation de RENITA-Reseau benotze kënnen.

Här President, aus all deene Grënn proposéiert d'Regierung, déi initial Montanten aus dem Finanzéierungsgesetz ze adaptéieren. Dat betrëfft eng Kéier déi ganz Frais de réalisation vum Reseau. De Montant vu 36,6 Milliounen TTC gëtt duerch de Montant vu 36 Milliounen hors TVA ersat. A fir dass mir heibannen awer net Äppel mat Bire vergläichen, soen ech lech och nach, dass déi 36 Milliounen Euro hors TVA bei engem TVA-Saz vu 17 % 42,12 Milliounen Euro entsprechen. D'Frais de réalisation vum Reseau ginn also ëm knapps 5,5 Milliounen erhéicht.

Den Artikel 3 vum Finanzéierungsgesetz leet de maximale Montant vun de Frais mensuels vum Reseau fest. Dës Fraise ware bis ewell op 390.000 Euro TTC limitéiert. A mat deem Gesetzesprojet gëtt déi iewescht Limitt elo op 472.000 Euro hors TVA eropgeschrauft. D'TVA vu 17 % derbäigerechent, géif een dann op e Montant vun e bësse méi wéi 550.000 Euro kommen.

Fir weider Detailer dozou verweisen ech lech gär op mäi schrëftleche Rapport. An der Fiche financière fënnt een och weider Informatiounen, wéi déi eenzel Montanten zesumme gestallt sinn.

Här President, d'Finanzéierungsgesetz vum RENITA sollt an der initialer Versioun u sech och nach e fënneften Artikel derbäikréien. Dësen Artikel wier op d'Protection des données vun den Utilisateuren vum Reseau agaangen. Dëst ass ëmsou méi wichteg, well ee mam RENITA seng Benotzer jo och geolokaliséiere kann.

A sengem Avis vum 17. Juli 2018 huet de Statsrot dës Dispositioun allerdéngs verfassungswiddreg fonnt, well esou een Artikel net an e Finanzéierungsgesetz géif erapassen. Déi héich Kierperschaft huet an deem Kontext proposéiert, den aktuelle Projet an zwee opzedeele: op där enger Säit d'Finanzéierung vum RENITA-Reseau an op där anerer Säit d'Dispositiounen iwwert den Dateschutz. Dës Proposition si mir och an der Finanzkommissioun nokomm, soudass den Artikel 3 gestrach gouf.

Nieft dem Statsrot hunn awer och nach d'Statsbeamtekummer an déi national Dateschutzkommissioun hir Avisen un d'Chamber adresséiert. An ausser e puer klengemarken oder Präzisionsfroen ware si awer gréisstendeels mam Projet de loi averstanen. Ech verweisen och do gären op déi schrëftlech Avisen.

Här President, nach e puer Wuert zu den Aarbechten an der Kommissioun. De Projet ass den 21. Februar 2018 vum Statsminister deposéiert ginn. An der Finanzkommissioun vum 14. Februar 2019 (veuillez lire : 14. Januar 2019) krute mir de Projet eng éischte Kéier virgestallt. An darselwechter Finanzkommissioun gouf ech dunn als Rapporteur genannt. An de leschte Freideg gouf mäi schrëftleche Rapport dunn an der Kommissioun ugeholl.

Dëst gesot, bleift näischt anescht iwwreg, wéi ech alleguer Merci ze soe fir d'Nolauschteren. An ech ginn den Accord vun der DP-Fraktioun zu deemem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Och Merci der Rapportrice. D'CSV gëtt selbstverständlech d'Zoustëmmung zu deemem Projet de loi. Et handelt sech effektiv ëm eng Communication sécurisée vun iwwer 9.200 Agenten hei am Land.

Wat d'Remark ubelaangt vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics soll een dat generell eng Kéier kucken, nämlech dass ee bei Leit, déi sensibel Donnéeën hei am Land traitéieren, ob dat Steiere sinn, ob dat Kommunikatiounen sinn, déi e gewëssene Caractère de confidentialité hunn, awer der Remark vun der Chambre des Fonctionnaires Rechnung dréit, fir do vereedegt Beamten dermat ze concernéieren an dat net einfach esou auszesourcen.

An deen drëtte Punkt, deen een nach muss soen, dat ass d'Remark vun dem Conseil d'État, fir déi Bestëmmungen, déi den Dateschutz concernéieren, ze trennen an e separate Projet de loi. Dat kann een op enger reng legaler Form novollzéien, well dat hei e reng Finanzéierungsgesetz ass. Dat heescht awer net, dass een déi Bestëmmungen iwwert den Dateschutz sollt ausser Uecht loossen an dass et ubruecht wier, an eisen Aen, dass d'Regierung op deem Punkt schnellstméiglech géif nobesseren.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. Den nächsten ageschriwwene Riedner

ass den Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, Här President, och vun eiser Säit Merci un d'Rapportrice fir hire ganz vollständige Bericht, dee se hei gemaach huet.

Wien A seet, muss och B soen. Mir hunn 2014 A gesot. Mir hu Jo gesot fir de Finanzement vun deem neien ofgesécherte Kommunikatiounssystem fir eis Sécherheets- an eis Hëllef-déngschter. Elo si mer an enger zweeter Phas, wou et drëm geet, fir derfir ze suergen, dass et zu engem regelméissegem Updating kënn, dass also u sech de Reseau nach ausgebaut a verbessert ka ginn, wéi och natierlech d'Wartungs- an d'Entretienkäschten ofgeséchert si bis eben 2030.

Eis Fraktioun wäert selbstverständlech och hiren Accord zu deemem Projet de loi ginn. An der Hoffnung allerdéngs, dass et vläicht dee leschte Projet de loi ass an dass d'Berechnungen esou präzis sinn, op 15 Joer gekuckt, dass net nach eng Kéier muss nogeschoss ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den nächste Riedner ass den Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Jo, Merci, Här President. Ech schlësse mech natierlech och deene Wieder vu virdru un a soe fir d'Éischt der Rapportrice Merci fir deen ausföhrleche mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Et ass scho virdru gesot ginn, éischters dat, wat an deenen eenzelnen Avisa steet zu dem Dateschutz. Ech mengen, et ass wichteg, dass ee sech och ëmmer bewosst ass, wann ee mat Daten hantéiert, dass do och den néidege Schutz vun de Bierger a Biergerinne gewäert ass.

Ech schlësse mech och mengem Virriedner direkt un, dass, wa fir e Projet esou laang viraus d'finanziell Enveloppe festgeluecht gëtt, et ëmmer schwierig ass, déi Sue ganz genau festzelleen. Awer dofir ënnerstëtze mer dat och, wat de Virriedner gesot huet. An ech hoffen, dass heimadder d'Sécherheet, insbesondere vun deene Leit um Terrain, och gewäert ass. An dofir ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. An da wier et elo um Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech ka mech nëmmen de Wieder vun all menge Virriedner uschlëssen an der Rapportrice Merci soen. An esou, wéi mer deem 2014 zougestëmmt hunn, wäerte mer och haut zoustëmmen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - An dann huet sech och den Här Sven Clement ageschriwwen.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Jo, Merci, Här President. Dës Kéier hunn ech mech tatsächlech ageschriwwen.

(Hilarité)

Ech wollt ganz kuerz op deenen awer wichtege Projet agoen. An d'Rapportrice huet scho ganz vill dozou gesot. Ënner anerem ass se och op de Käschtefacteur dovunner agaangen.

Beim Käschtefacteur läit eis Piraten awer ganz schwéier um Mo, datt an der éischter Propos mat der TVA gerechent ginn ass, an där neier Propos elo ouni TVA, wat u sech op de Coût d'investissement eng Augmentatioun vu 17 % ausmécht an op de monatleche Käschten dach eng Augmentatioun vun 48,8 % am Ganzen ausmécht.

Do hätt ee sech méi Argumentatioun gewënscht wéi déi Äntwerten, déi mer do an der Kommissioun kruten. Dat ass awer net deen eenzege Bemoll bei deemem Gesetz.

Dat Zweet ass, wéi scho vun de Kollege vun der CSV gesot, den Dateschutz. Mir géifen eis hei freeën, wann d'Regierung zäitno géif e Projet de loi deposéieren, deen eben dese Bedenken och Rechnung géif droen.

Nichtsdestotrotz, well eis Sécherheets-déngschter dese Service brauchen a mer deen net sollten einfach ofschalten, wäerten d'Piraten dese Projet matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir wäerten dee Finanzéierungsprojet och ërëm matstëmmen, mat zwee kleng Bemollen.

Deen éischten, dee gouf och scho vum Här Roth erwänt. Mir sinn nämlech och der Meinung, esou wéi d'Chambre de la Fonction publique et och seet - natierlech gehéiert et elo net an dese Projet de loi eran, mä mir wëllen dat trotzdem ënnersträichen -, datt och

Schlësselposten duerch Fonctionnaire vum öffentlichen Déngscht solle besat ginn an net, wéi dat och bis elo ass, déi vun der Post am private Statut solle sinn. Et sinn ëmmerhin och äusserst sensibel Aufgaben, déi do musse gemaach ginn. Prinzipiell soll e Service public och vu vereedegte Leit bedriwwen ginn.

Zweete Bemoll: Do sinn awer e puer Institutionen dran, deene mer méi wéi skeptesch géintiwierstinn.

Déi éischt ass de SREL. Dat ass kee Geheimnis. Ëmsou méi skeptesch sti mer dem SREL géintiwier zënter der Reform vum SREL, déi mer och net matgedroen haten d'lescht Joer. Dat wollte mer nach eng Kéier soen.

An och eng aner Institution, eng Institution, wou vill räich Länner, wéi Lëtzebuerg, aarm Leit aus aarme Länner aspären, fir se ërëm zréckzeschécken, nämlech de Centre de rétention. Esou kann een dat an dem „euphemistesch Newspeak“ nennen. Mir sinn der Meinung, datt dat zwou Institutionen sinn, déi ee muss a Fro stellen.

Trotzdem wëlle mir net d'Finanzéierung vum RENITA a Fro stellen a mir wäerten déi matdroen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. D'Regierung huet d'Wuert. Här Premierminister, wannechgelift!

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Merci, Här President. Fir d'Éischt erlaabt mer, dass ech der honorabelen Madamm Elvinger Merci soe fir dee schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass eng Tradition, dass d'Madamm Elvinger deen doten Dossier suivéiert, wéi si och scho Rapportrice war deemools bei deemem Projet.

Et geet tatsächlech ëm eis Sécherheet an et geet ëm d'Servicer, déi sech ëm eis Sécherheet këmmen. An erlaabt mer schonn am Virus, all deene Leit, déi all Dag um Terrain schaffe fir ons Sécherheet, e grouse Merci ze soen.

Et ass eis Pflicht als Regierung, hinnen och d'Moyenen ze ginn, fir dass se hir Aarbecht kënnen anstänneg maachen, haut mam RENITA, well dat ass eppes, wat ganz, ganz wichteg ass. An ech mengen, Dir hutt et gesot: Et ass net nëmmen d'Sprooch, mä et sinn och d'Donnéeën, déi kënnen traitéiert ginn. A mir gesinn do, dass dat wierklech genotzt gëtt, an dat hëlleft och ganz vill deene Leit, déi um Terrain sinn.

Et sollen net nëmme finanziell Mëttele bereetgestallt ginn, mä geziilt solle spezifesch Beräicher verstärkt oder och ausgebaut ginn. Ech ginn elo net op déi eenzel Punkten an, déi d'Madamm Elvinger och schonn zitéiert huet. Ee Punkt, deen elo net abordéiert ginn ass an deen ech awer wëll abordéieren, ass dee ganze sanitäre Beräich. Ech wëll vläicht just drun erënneren, dass mer déi Diskussiounen haten, beim éischten Text, wéi et da wier mat de sanitäre Froen. An et ass an deene leschte Jore vill gefuerscht ginn, an et sinn och keng Studie komm, déi op Gesondheitsrisiken duerch d'Benotze vum TETRA-Funk géifen hiweisen, am Géigendeel. Eng rezent wëssenschaftlech Etüd aus Groussbritannien beweist, dass et keen Zusammenhang tëschent dem Notze vun Airwave a Kriibs gëtt. Zënter 2004 goufen nämlech och 48.000 Policebeamten, déi aktiv mat Airwave schaffen, ënnert d'Lupp geholl, mam Resultat, dass weder des wëssenschaftlech Etüd nach aner äänlech Etüden een Zusammenhang dokumentéiere konnten.

Ech wollt dat do just ervirhiewen, well et eng Fro war, déi ech deemools awer och bei der Kreatioun vum RENITA gestallt kritt hunn, an déi heiten Informatiounen och bäikritt hunn.

Erlaabt mer just, op zwou spezifesch Froen anzegoen, déi ech hei vun Deputéierte gestallt kritt hunn iwwert déi sensibel Donnéeën. Déi sensibel Donnéeën ginn net vu Leit geholl, déi net bekannt sinn, dat heescht, déi, déi sensibel Donnéeën traitéieren, si Leit, déi eng Clearance hunn. Déi Leit hunn eng Clearance kritt, dat heescht, et ass net einfach ee Beamten, deen dann un déi Donnéeën kënn. Dat si Leit, déi wierklech eng Clearance do kritt hunn. An zweetens sinn déi op spezielle Plazen, déi och protegéiert sinn, wou net jiddwereen un en Accès kënn. Dat heescht, selbstverständlech hu mer den Devoir de précaution vis-à-vis vun den Données sensibles geholl.

A point de vue Dateschutz wëll ech och soen: Am Moment gi keng Traitement gemaach, déi am Widdersproch wieren zum GDPR. An déi, wou eben nach keng Base légale do



ass - an tatsächlech hu mer elo eben och duerch de GDPR verschidde Situatiounen gehat, wou mer mussen a kuerzer Zäit vläicht Amendementer maachen, fir do ganz, ganz konform kënnen ze sinn -, ginn am Moment net aktivéiert.

Duerfir, ech soen op jidde Fall, Här President, der Chamber e grouse Merci. Dat heiten ass wierklech eng Modernisatioun vun de Kommunikatiounsmethode vun all de Servicer, ob et d'Police ass, d'Rettungsdéngschter, de Prisong neierdéngs an och elo deen neie Centre de ré-tention, dee mer wäerten opmaachen zu Bieles, wou et dann eng Méiglechkeet wäert ginn, fir och dee kënne mat anzeschleissen.

An Dir hutt jo elo just virdrun och iwwert d'Navigatioun geschwat. Just nach fir ze präziséieren, dass mat deem doten Text déi Services de la navigation, vun der Sécherheet vun der Schëfffaart op der Musel, an d'Kooperatioun mam CGDIS elo och nach duerch deen dote Réseau mat agebonne sinn.

Duerfir e grouse Merci fir déi Zoustëmmung zu dësem Text.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Statsminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7248. Den Text steet am Document parlementaire 7248⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7248 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. De Projet de loi 7248 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché (par M. Marc Hansen), MM. Charles Margue et Roberto Traversini (par M. François Benoy) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Merci. Et ass also esou decidéiert.

13. 7384 - Proposition de loi portant modification du chapitre IX relatif au financement des campagnes électorales de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Als nächste Punkt hu mer d'Proposition de loi 7384, eng Ofännerung vum Kapitel 9 vum Gesetz iwwert d'Finanzéierung vun de Wahlcampagnen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, den Här Henri Kox, den Här Gast Gibéryen, den Här Marc Baum an den Här Sven Clement.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, haut hu mer et ausnamsweis mat enger Proposition de loi ze dinne, e Phänomeen, dee leider, mengen ech, zu Lëtzebuerg net oft genuch genotzt gëtt an net genuch ausgebaut ass. Mä loosse mer eis freeën, dass mer dann elo déi

Proposition de loi hei kënnen diskutéieren. An ech hoffen, dass se en äänleche Succès huet wéi déi Projet-de-loien, déi mer elo grad hei eestëmmeg ugehall hunn.

Et ass eng Proposition de loi, déi eigentlech op engem ganz breede Konsens berout, well se vun net manner wéi siwen Deputéierte cosignéiert ginn ass, déi aus sechs verschiddene Parteien kommen. Si ass de 26. Oktober deposéiert ginn an der Chamber a si ass och favorabel vum Conseil d'État aviséiert ginn.

Et geet hei ëm eng punktuell Ofännerung vun eise Wahlgesetz, wat d'Kapitel ugeet iwwert de Remboursement, en Deel-Remboursement, vun de Wahlkampfkäschten duerch de Stat, wat e wichtegt Element ass vun der Ennerstëtzung, déi d'Parteien kréien. D'Parteien sinn hei zu Lëtzebuerg zënter 2008 an der Verfassung verankert an hunn och en effentlechen Opdrag. A fir deen effentlechen Opdrag kënnen wouerzehuelen, brauche se effentlech Finanzéierung. Dat geet natierlech einher mat enger Transparenz vun de Finanzen vun de Parteien a besonnesch och mat enger Interdiktioun, déi hei zu Lëtzebuerg besteet, dass Gesellschaften, Personne-morallen d'Parteien ennerstëtzen.

Dat ass eng Entwécklung, déi sech iwwer laang Jore gemaach huet hei zu Lëtzebuerg. Laang war hei eng grouss Reticence, fir am Beräich vun de Parteien iwwerhaapt ze legiferéieren, well och eng Zäitchen d'Meenung war, dass een eigentlech misst fir d'Éischt emol e Parteiengesetz hunn, wat dann alles géif genau fir d'Parteien regelen, wat och kënn eng Kontroll iwwert d'Parteien virgesinn. Dat war déi grouss Angscht, déi bestanen huet, ier ee konnt vun engem Finanzement schwätzen.

Mir sinn awer hei zu Lëtzebuerg, no grouse Retarde par rapport zu anere Länner, eigentlech op en anere Wee gaangen. Mir hu fir d'Éischt eng Deel-Finanzéierung vun de Wahlkampf virgesinn hei zu Lëtzebuerg duerch d'effentlech Hand. Dat war duerch d'Gesetz vum 7. Januar 1999, wou ebe grad an d'Wahlgesetz een Deel-Remboursement vun de Wahlkampfkäschten eng éischte Kéier ageschriwwen ginn ass.

Duerno ass eng zweet Phas komm, dat war d'Gesetz vum 21. Dezember 2007, wou mer en allgemengen effentleche Finanzement vun de Parteien, enner gewëssene Konditiounen, virgesinn hunn. An eréischt e bësse méi spéit, den 31. Mäerz 2008, ass dann duerch e Gesetz eis Verfassung emgéännert ginn an et ass en Artikel 32bis bäigesat ginn, deen dann d'Parteien an eise Grondgesetz verankert.

Hei geet et ausschliisslech ëm de Volet vun dem Deel-Remboursement vun de Wahlkampfkäschten, wou mer zwou Ännerungen dra virhuelen. Déi eng ergëtt sech eigentlech als logesch Suite vun där anerer. D'Hauptännerung, déi mer maachen, dat ass, dass mer ewell d'Hypothesen huelen, dass d'Chamberwahlen an d'Europawahlen net deeselwechte Moment stattfannen, wat Traditionen hei zu Lëtzebuerg war. Zënter de fréizäitege Wahlen, déi mer 2013 hate fir d'Chamber, ass deen dote Lien gebrach a mir sinn an engem Rhythmus dran, op absehbar Zäit zumindest, dass mer zu verschiddenen Datumen Nationalwahlen an Europawahlen hunn.

Mir hunn zwar an eise Wahlgesetz zwou verschidde Berechnungsmethode fir d'Nationalwahlen an d'Europawahlen virgesinn, wat d'effentlecht Remboursement vun de Wahlkampfkäschten ugeet, mä mir schreiwen awer ëmmer vun enger eenzeger Dotatioun, wat derzou gefouert huet, dass och schonn no deene leschte Legislativwahlen 2013 d'Interpretatioun hei am Haus war, fir ze soen: „Ma deen Deel-Remboursement vum Stat fir d'Nationalwahlen, dee kann eréischt geschéien, wann och d'Europawahlen eriwwe sinn. Da gëtt eng Dotatioun duerno ausbezuelt.“

Dat féiert natierlech derzou, dass et do zu Verschibunge kënn, dass Parteien - dat soll een däitlech kënne soen - eigentlech mussen op Brécke-Finanzéierung zrëckgräifen, fir déi Wahlkampfkäschten unzegoen, déi déi folgend Wahl, d'Europawahl, mat sech zitt. An an där Logik do hu mer da gemeinsam decidéiert, fir dës Initiativ ze huelen, fir elo zwou Dotatiounen virzesinn, eng Dotatioun fir d'Nationalwahlen an eng Dotatioun fir d'Europawahlen.

Domadder fält och automatesch déi Konditioun ewech, déi bis elo bestanen huet, dass d'Parteien, déi vun esou engem Rembourse-

ment partiel vun de Wahlkampfkäschten profitéieren wëllen, mussen esouwuel bei den Nationalwahle komplett Lëschten a sämtleche Bezirker hu wéi och an den Europawahlen. Elo ginn déi zwou Wahle getrennt gekuckt. Mä déi relativ streng Bedéngungen, fir an de Benefiss vun deem Remboursement partiel ze kommen, maachen dat do méiglech. Et ass séchergestallt, dass keng Fantasie-Initiativen op eemol hei an de Genuss vun effentleche Gelder kommen. D'Lat ass esou héich gestallt, mengen ech, dass dat scho Bewegungen, Parteien sinn, déi e gewëssene Sukkurs an der Bevëlkerung hunn, soudass et och richtig ass, déi zwou Saachen getrennt ze kucken.

Ech wëilt vläicht nach e puer Zuelen uféieren, fir däitlech ze maachen, vu wat mer hei schwätzen. Bei deene leschte Wahlen, de Landeswahlen 2013, sinn, no menger privater Berechnung, déi sech awer op publizéiert Zuele stützt, 1,5 Milliounen Euro un d'Parteien rembouréiert ginn opgrond vun deenen Donnéeën, déi se erageliwwert hunn, opgrond vum Wahlresultat. Bei den Europawahlen 2014 waren et 262.000 Euro. Deem géintiwwer stoungen an der Kontabilitéit vun deenen eenzelne Parteien, fir déi zwou Wahlen zesummen, an deene Joren 2013 an 2014 ronn véier Milliounen Ausgaben. Soudass ee ka soen, dass also vun deene ronn véier Milliounen Ausgaben, déi d'Parteien an hirer Kontabilitéit opgefouert hu fir déi zwou Wahlgäng, eppes manner wéi 50 % rembouréiert gi sinn duerch de Stat. Dat einfach nëmme, fir déi Zuelen ze rappeléieren.

Wat direkt opfällt, ass, dass natierlech de Montant fir d'Europawahlen duerch eist Gesetz vill méi niddreg fixéiert ass wéi dee vun den Nationalwahlen. Dat erkläert sech zum Deel duerch, dass déi Wahlen, wéi mer dat Gesetz geschrivven hunn, deeselwechte Moment waren. An do waren d'Europawahlen e bësse corollaire, en Unhängsel eigentlech an deem Sënn vun der Haaptcampagne vun de Parteien, déi op Nationalwahlen ausgeriicht war. An duerfir sinn also déi meeschte Suen an eise System virgesi gewiescht fir d'Nationalwahlen a vill manner Gelder fir d'Europawahlen.

Dat muss mer selbstverständlech iwwerdenken an Zukunft, well mer et elo mat getrennte Wahlcampagnen ze dinne hunn, déi da selbstverständlech, wat d'Europawahlen ugeet, méi en héije Käschtepunkt mat sech bréngen, wéi wann een eng Campagne géif maache fir Wahlen, déi deeselwechten Dag stattfannen. Dat ass also eng Reflexioun, déi mer mussen maachen. A mir mussen, mengen ech, nach verschidden aner Punkten, souwuel eist Wahlgesetz, wat de Remboursement vun de Wahlkampfkäschten, mä awer och, wat dat allgemengt Parteiëfinanzéierungsgesetz ugeet, iwwerschaffen, well sech an der praktescher Uwendung vun deem Text eng Rei vu Froen gestallt hunn, wou dat aktuell Gesetz eis net eng propper Äntwert dorobber liwwert, wou mer keng Rechtssécherheet hunn.

Also, nieft de Montanten, déi während Joren, Jorzéngten net ugepasst si ginn, stellt sech och d'Fro vu neie Phänomeneen, déi mer zum Deel och bei dëse Wahle fir d'Éischt haten. Dass zum Deel gemëschte Lëschten ugetratt sinn, dee Phänomeen gesäit eist Parteiëfinanzéierungsgesetz eigentlech net richtig vir. Do ass et also net onbedéngt séchergestallt, dass déi komplett Transparenz vun der Kontabilitéit vun alle Composantë vun där Lëscht garantéiert ass. Dat ass also ee konkrete Punkt, dee sech stellt. An et ass och net onbedéngt séchergestallt, ob een all d'Donen erfaasst, an notament, ob ee ka kontrolléieren, ob déi Interdiktioun, déi zu Lëtzebuerg besteet - dass also Personnalité-morallen Donen un d'Parteien ginn -, och gewäerlescht ass. Et sinn also eng Rëtsch vu Problemer, déi sech an deem dote Sënn stellen.

Dann hat ech och den Androck dës Kéier - dat muss een nach eng Kéier iwwerpräiwen -, dass et vläicht och déi eng oder aner méi privat Wahlcampagne ginn ass vun engem eenzelne Kandidat oder enger Kandidatin. Dee Phänomeen war dës Kéier lichter méi staark wéi dat, wat mer soss eigentlech hei kannen hunn, wou mer dee Phänomeen zu Lëtzebuerg bis elo kaum bemierkt hunn. Och do stellt sech d'Fro vun der Transparenz vun der Kontabilitéit. Ginn déi Ausgaben do iwwerhaapt iergendwou offiziell erfaasst oder net? Déi Ausgabe ginn duerch wat finanzéiert? Sinn dat wierklech Privatgelder, déi et finanzéieren, oder sinn et aner

Gelder, déi et finanzéieren? Och dat ass elo an deem Schema, wou mer an eise Gesetzter dra sinn, net kloer ze kontrolléieren. Do mussen mer also, denken ech, norüsten an eise Text, fir déi doten Hypothesen, déi mer esou net kannen hunn, och an Zukunft gesetzlech uerdentlech ze regelen.

Also et ass nach Aarbecht do, déi mer an dëser Chamber ze regelen hunn, fir dass mer eis Gesetzgebung iwwert d'Parteiëfinanzéierung op e Stand bréngen, dass se och de leschten héije Standarde vun auslänneschen Organisatiounen a vum GRECO entsprecht.

An deem Sënn géif ech awer fir d'Éischt emol bieden, hei Är Zoustëmmung ze ginn zu där klenger punktueller Ännerung. Ech bréngen an engems hei och den Accord vun der LSAP-Fraktioun an.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bodry. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. An och ee grouse Merci un den Här Bodry fir säi ganz ausféierleche Rapport. A mir ginn natierlech hei den Accord zu där punktueller Ännerung.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Eugène Berger. Här Berger, wannechgelift!

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Jo, dem Rapporteur wëll ech och Merci soe fir säi Rapport. Et ass eng Proposition de loi, wat jo net esou oft hei de Fall ass, datt déi de Wee bis zu engem positive Vott fannen. Ech ginn dervun aus, datt mer e positive Vott wäerten hei hunn. Et ware siwen Auteure bei där Proposition de loi, déi d'ganz Chamber representéieren, da ginn ech also och dervun aus, datt de Vott herno wäert esou ausfallen.

Ech mengen, de Rapporteur huet och e klengen Historique gemaach an en huet virun allem drop higewisen, datt mer hei d'Gesetz un d'Realitéit upassen, well elo zäitlech ëmmer d'Europawahlen an d'Nationalwahlen ausernee leien, datt mer dat also ugepasst hunn. En huet awer och drop higewisen, datt mer eis lwwerleeunge mussen weiderféieren, well mer et mat neien, soen ech emol, Phänomeneen oder och neie Realitéiten hei ze dinne hunn, enner anere bei deene gemëschte Lëschten. Mir sollen also an Zukunft a Rou kucken, wéi mer dat nach vläicht kéinte méi präzis erfaassen am Gesetz, a mir wäerte vläicht doduerch och nach eng Kéier op dat Gesetz zrëckkommen.

Dat gesot, gi mir op alle Fall och eis Zoustëmmung zu dëser Proposition de loi. Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Berger. An da wier et elo um Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Jo, Merci, Här President. Och mir wäerten dës Gesetzespropos matstëmmen.

Et ass gesot gi virdru vum Rapporteur, deem ech Merci soe fir déi ausféierlech Duerstellung vun dem Historique vun deene verschiddenen Daten, déi e gesot huet: 1999 hu mer fir d'Éischt dervu geschwat, eben Ennerstëtzenge ze ginn, effentlech Gelder. Mir wëssen, dass mer, soubal mer effentlech Gelder asetzen, och déi néideg Transparenz bei der Ausféierung mussen hunn, a besonnesch, wann et an déi eegen, soen ech emol e bësse méi salopp, Täsch geet, well mir sinn hei jo alleguerte betraff. Dat heescht, d'Parteien alleguerte stinn näamlech vis-à-vis vun de Wieler a Wielerinnen dobause mat effentleche Gelder an der Schold, wat se och maachen.

Dofir ass fir eis éischstens emol ganz wichteg, dass Transparenz an der Uwendung vun deene Gelder do ass.

Zweetens: Wa mer eis dat ginn hunn, wa mer soen, d'effentlecht Geld géif gebraucht, fir d'politeschen Parteien ze ennerstëtzen, sief et an dem Wahlkampf, sief et fir d'Organisatioun vun de Parteien, da sinn ech och frou, dass mer am Koalitiounsvertrag drastoen hunn, dass mer eng Opwärtung vun de Fraktiounen, vun de Parteien, awer och vun der Chamber maachen. Déi Proposition de loi, déi jo, wéi mer elo soen, e bëssen eng Seltenheet ginn ass - dass mer selwer Initiativen huelen -, gëtt dann an Zu-



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter

